

Reform vun der Mutatiouns- an Affektatiounsprozedur

*Léif Membere vun der FÉDUSE-CGFP,
Léif Kolleeginnen a Kolleegen,*

Wéi dir sécherlech wësst, sinn d'Employéen no hirer Période d'initiation bis ewell d'office an deem Gebai bliwwen, an deem si agestallt goufen, während d'Fonctionnairen no gepacktem Stage op ee vun den oppene Posten uechtert d'Land affektéiert goufen. Béid Variante kënnen esouwuel zum Virdeel, ewéi och zum Nodeel vum jeeweilegen Enseignant sinn. Während de Fonctionnaire eventuell gären a „sengem“ Lycée, an deem hie vläicht selwer scho Schüler war, bleiwe wéilt – mee net bleiwen däerf – esou wéilt den Employé gären an een anert Gebai wiesselen, däerf dat awer net, well bis haut fir d'Employéen am Secondaire keng Affektatiouns- respektiv Mutatiounsprozedur virgesi war.

Wéi dir an eise Communiqué vum [10. Juli 2022](#), vum [10. Januar 2023](#) a vum [24. Mee 2023](#), genee ewéi och an eisem Dossier de presse vum [14. September 2023](#) noliese kënnt, huet d'FÉDUSE-CGFP sech scho säit Längerem fir eng Reform vun der Mutatiouns- an Affektatiounsprozedur am Enseignement secondaire staark gemaach, mam Zil, dës Prozedur méi kohärent a virun allem méi gerecht ze gestalten.

Dofir si mir frou iech däerfe matzedeelen, dass et der FÉDUSE-CGFP, als eenzegem national representative Syndikat am Enseignement secondaire, gelongen ass, a konstruktive Reunionne mam Educatiounsministère eng **Reform vun der d'Mutatiouns- an Affektatiounsprozedurauszeschaffen**.

Haaptneierung bei dëser Reform ass, dass och d'Employéen d'Recht kréien ze mutéieren. Gläichzäiteg bedeit dat awer och, dass d'Employéen an Zukunft no hirer Période d'initiation net méi d'office an deem Lycée bleiwen, wou si ugangs hire CDI ënnerschriwwen hunn, mee genee ewéi och d'Kolleeginnen a Kollege Fonctionnairen op déi oppe Posten uechtert d'Land affektéiert ginn.

Haaptuleies vun der FÉDUSE-CGFP an dësem Dossier war et, den Examen-Concours an domat de Recrutement ënnert dem Statut vum Fonctionnaire erëm verstärkt ze promovéieren. Dofir freeë mir eis ganz besonnesch, dass et eis gelongen ass, dass bei där neier Affektatiouns- respektiv Mutatiounsprozedur d'Fonctionnaire beim Besetze vun de Poste Prioritéit par rapport zu den Employéen hunn. Dëst dréit kloer zur Attraktivitéit vum Statut vum Fonctionnaire am Enseignement secondaire bäi.

Am Kontext vun dëser Reform kréien och Enseignanten mat partiellen Tâchen d'Méiglechkeet ze mutéieren, ouni ewéi bis ewell den Accord vu béiden Direktiounen dofir mussen ze hunn. Mir hoffen, dass dës konkrete Punkt an deenen eenzelne Fäll vum MENJE esou wäert gehandhaabt ginn, dass et net zu massiven Iwwerstonnen fir **all** d'Enseignanten aus deene betraffenen Departementer kënnt.

Déi genee Modalitéite vun där reforméierter Prozedur wäerten an deene kommende Méint vum Educatiounsministère matgedeelt ginn an ab dem Schouljoer 2024-2025 a Kraaft trieden. D'Affektatiouns- Mutatiounsprozedur vum aktuelle Schouljoer wäert nach no deenen ale Modalitéiten oflafen.

Mat beschte Gréiss,

De Comité vun der FÉDUSE-CGFP
Lëtzebuerg, de 16. Abrëll 2024